



SÉANCE 33

JEUDI,
14 JUIN 2012

Présidence: M. Laurent Mosar, Président • Mme Lydia Mutsch, Vice-Présidente • Mme Anne Brasseur, Doyen

Sommaire

- Constitution d'un Comité de discipline
 - M. le Président
- Résolution de M. André Bauler relative à l'exploration par la Commission de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports de la possibilité de la mise en place d'un projet pilote d'une école fondamentale bilingue offrant une alphabétisation en français et en allemand
 - Exposé: M. André Bauler
 - Discussion générale: M. Ben Fayot, M. Fernand Kartheiser, M. Serge Urbany, M. Ben Fayot, M. Serge Urbany, M. Claude Adam, M. André Bauler
 - Vote sur la résolution (adoptée)
- 6385 - Projet de loi relatif à la rénovation de l'Athénée de Luxembourg
 - Rapport de la Commission du Développement durable: M. Fernand Boden
 - Discussion générale: Mme Anne Brasseur, M. Ben Fayot, Mme Josée Lorsché, M. Jacques-Yves Henckes
 - M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures (Mme Anne Brasseur pose une question)
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- Débat de consultation au sujet du concept de mobilité et du tram dans la ville de Luxembourg
 - Exposé: M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures
 - Débat: M. Serge Wilmes (dépôt d'une motion), M. Xavier Bettel (M. Claude Wiseler répond), M. Roger Negri, M. François Bausch, M. Gast Gibéryen (répond à M. Marc Angel, M. Serge Urbany, M. Claude Wiseler et M. François Bausch), M. Serge Urbany, M. Marc Angel (M. Fernand Kartheiser pose une question)
 - M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures
 - M. Fernand Kartheiser (parole après ministre), M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures
 - Vote sur la motion 1 (adoptée)

Au banc du Gouvernement se trouve M. Claude Wiseler, Ministre.

(Début de la séance publique à 14.02 heures)

► **M. le Président.**- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Neen, Här President.

► **Une voix.**- Très bien!

1. Constitution d'un Comité de discipline

► **M. le Président.**- Ier mir zum eigentlechen Ordre du jour kommen, evaküiere mer fir d'Éischt nach eng administrativ Ugeleeënheet. Wéi de Statut vun de Chambersfonctionnairen et a sengem Artikel 53 virgesäit, muss d'Chamber e Comité de discipline vu véier Membere designéieren, dee fir d'Instruction disciplinaire zoustänneg ass.

Wat d'Kompositioun vun dësem Comité de discipline ugeet, si folgend Deputéierte proposéiert ginn: den Här Norbert Hauptert, den Här Jean-Pierre Klein, d'Madame Anne Brasseur an déi Häre Claude Adam a Serge Urbany.

Ass d'Chamber mat dëser Zesummesetzung averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Resolutioun vum Här André Bauler, déi d'Commission de l'Éducation nationale beoptragt, e Pilotprojet iwwert d'Aféiere vun enger zweesproocheger École fondamentale ze erschaffen. Här Bauler, Dir hutt elo d'Wuert als Auteur vun där Resolutioun.

2. Résolution de M. André Bauler relative à l'exploration par la Commission de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports de la possibilité de la mise en place d'un projet pilote d'une école fondamentale bilingue offrant une alphabétisation en français et en allemand

Exposé

► **M. André Bauler (DP), auteur.**- Merci, Här President. Wéi scho virun zwee Deeg gesot, hat

ech dës Resolutioun déposéiert, fir d'Chamber ze bidden, ze decidéieren, d'Éducationnkommissioun ze chargéiere mat der Exploratioun vun der Méiglechkeet iwwer e Projet pilote am Kontext vun der École fondamentale bilingue ze diskutéieren, sech mat deem Dossier eng Kéier ze befaassen, deen eng Alphabétisatioun am Franséischen an am Däitsche virgesäit.

► **M. le Président.**- Ech hu gesinn als Wuertmeldung den Här Fayot.

Discussion générale

► **M. Ben Fayot (LSAP).**- Jo, Här President, ech wëll soen, als President vun der Commission de l'Éducation nationale fannen ech et net normal, dass en Deputéierten eng Resolutioun mécht iwwert dee Sujet. Et hätt och einfach an der Kommissioun kënnen gefrot ginn, dass mer dat solle maachen, dann hätte mer dat gemaach.

Merci.

► **M. le Président.**- Dann huet d'Wuert gefrot den Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Här President, ech soen...

(Interruption)

Ech soen dem Här Bauler villmools Merci fir deen Text hei. Mir hunn natierlech als ADR näischt dergéint, datt esou eng Exploratioun gemaach gëtt. Dat kann och an der Kommissioun gemaach ginn, dat ass eng ganz gutt Saach. Wann awer elo deen Text hei zur Ofstëmmung kënn, wäerte mir eis enthalen, well mer mengen, dat ass einfach dee falsche Wee.

Mir sinn net fir eng Lëtzeburger Schoul, wou Leit op verschidde Manéiere vunenee getrennt ginn, op sproochlecher Basis oder op enger anerer Basis. Mir hätte gär eng Lëtzeburger Schoul kohärent an integrativ fir all hir Schüler, wou se sech kenneléieren an net niewenteneen existéieren an anere Schoultypen.

Duerfir, wann Dir de Vote elo hei wëllt virhuelen, wäerte mir eis enthalen.

Merci.

► **M. le Président.**- Den Här Urbany huet d'Wuert.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Jo, ech muss soen, ech sinn och net d'accord mat där Richtung do, well ech se och fir eng falsch Richtung halen. Ech fannen, dass et e Wee wier, deen d'Gesellschaft géif splécken. D'Schoul, grad d'Primärschoul ass nach déi Plaz an der Gesellschaft, wou d'Leit alleguerten zesumme sinn.

Et werft iwwregens och eng ganz Partie aner Problemer op. Dat ass déi, dass vill vun deenen auslännesche Kanner hei eigentlech guer net vu franséischer Mammesprooch sinn, mä ganz dacks Portugisesch hir Mammesprooch ass an et fir déi och keng Verbesserung bréngt, wa géif eng Alphabétisatioun op Franséisch geschéien.

Also, ech sinn net d'accord iwwerhaupt mat der Richtung, an déi dat Ganzt do geet. Eng École pilote heescht jo ëmmer, dass soll gekuckt ginn, ob dat op d'ganz Schoul herno ausgedehnt gëtt, an ech fannen, dass et e falsche Wee ass.

Ech wäert duerfir och souguer géint déi Resolutioun hei stëmmen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Nach eng Kéier den Här Fayot.

► **M. Ben Fayot (LSAP).**- Jo, Här President, just fir et kloerzemaachen: Wa mir d'accord sinn, dass een an der Kommissioun soll doriwver schwätzen, wëllt dat net préjugéieren, dass mer mat deem Wee d'accord sinn. Ech mengen, mir sinn d'accord, fir eppes ze studéieren, mä dat implizéiert net onsen Accord zu enger Proposition.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Nach eng Kéier den Här Urbany.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Ech wëll nach derbäifügen, ech hunn och d'Positioun vum CLAE, dat heescht der Daachorganisatioun vun den auslänneschen Organisatiounen zu Lëtzebuerg, nogekuckt, déi guer net fir dee Wee do sinn!

Déi si fir eng zwar adaptéiert Alphabétisatioun op Däitsch, dat heescht Däitsch fir Ausländer ze léieren. Et ginn och nach aner Saache proposéiert, wéi zum Beispill d'Alphabétisatioun op Lëtzebuergesch carrément ze maachen. Do sinn och Sproochwëssenschaftler, déi do esou Iddië verbreedten.

Also, ech fannen et wierklech dee falsche Wee.

► **M. le Président.**- Nach den Här Adam. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Jo, Merci, Här President. Mir ënnerstëtzen als gréng Fraktioun déi Resolutioun. Emol éischstens muss ee kucken, wat hei steet. Hei steet jo effektiv dran, fir iwwert déi Problematik do ze diskutéieren, fir ze kucken, ob dat e gangbare Wee ass. Mir mengen, datt mer eng Situatioun hu bei eis am Land mat méi wéi 50% vun de Kanner, déi eng aner Sprooch als éischt Sprooch hu wéi d'Lëtzebuergesch, datt et bal eis Pflicht ass, eng Noutwendegkeet ass, fir iwwer esou eng Alphabétisatioun an zwou Sproochen nozedenken.

An alleguerten déi Leit, déi mengen, mat esou engem Wee géif een d'Gesellschaft splécken, déi vergiessen, datt mer am Fong geholl scho laang eis Gesellschaft gespléckt hunn.

Kommt, mer gi kucken, wéi et an eise Schoulen ausgesäit; kommt, mer gi kucken, wéi eng Nationalitéite méi staark an engem Enseignement technique préparatoire, spréch modulaire vertruede sinn, wéi eng méi staark an engem Enseignement secondaire vertruede sinn! An ech fannen, datt et eis Pflicht ass, fir doriwver nozedenken.

Duerfir wäerte mir als gréng Fraktioun déi Motioun ënnerstëtzen.

Merci.

► **M. le Président.**- Nach eng Kéier den Här Bauler.

► **M. André Bauler (DP), auteur.**- Merci, Här President. Ech wollt just nach eng Kéier kuerz drop agoen an ënnersträichen, datt grad dës Modell just dat net wëllt, wat den Här Urbany ënner anerem och gesot huet, nämlech segregéieren. E wëllt d'Schüler zesummeféieren, andeems e grad déi Schüler mat romanophonem, lusophonem Hannergrond méi fréi an d'Däitscht eraféiert wéi bis ewell an doduerjer mat méi Liichtegkeet mat deene Lëtzeburger Schüler zesummebréngt.

► **Mme Anne Brasseur (DP).**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci. Ech géif proposéieren, mir géifen à main levée iwwert déi Resolutioun ofstëmmen.

Vote sur la résolution

Wien ass mat där Resolutioun d'accord?

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Dat schéngt mer kloer ze sinn. Domadder wär déi Resolutioun ugeholl. Domadder ass dann och dës Punkt ofgeschloss.

Mir fänken dann elo u mam Projet de loi 6385 iwwert d'Renovatioun vum Kolléisch. D'Riedezäit ass hei nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Brasseur, den Här Fayot an d'Madame Lorsché. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den Här Fernand Boden. Här Boden, Dir hutt d'Wuert.

► **Une voix.**- Oh!

(Interruption)

3. 6385 - Projet de loi relatif à la rénovation de l'Athénée de Luxembourg

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Fernand Boden (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeinnen a Kollegen, den Athénée, besser bekannt ënnert dem Numm Kolléisch, ass déi eelste Sekundarschoul hei am Land. Si geet zrëck op de faméise Collège des jésuites, dee 1603 vun de Jesuite gegrént gouf. Den 1. Oktober 1603 huet nämlech dës Jesuiteskolléisch seng Dieren an der Ënneschtgaass vis-à-vis vum Stater Gemengenhaus opgemaach. Laang Zäit war de Kolléisch dat eenzegt Sekundarschoulgebai am deemolegen Herzogtum Lëtzebuerg an huet en exzellente Ruff genoss.

Am Laf vun de Joren a jee nom politesche Regime, deen eist Land grad regéiert huet, huet de Kolléisch säin offiziellen Numm oft misse changéieren, ass awer ëmmer senger Bildungsaufgab trei bliwwen.

Nom Wiener Kongress vun 1817, wou d'Groussherzogtum Lëtzebuerg dem hollännesche Kinnek à titre personnel zouerkannt gouf, ass de Kolléisch zum Athénée royal ginn an zënterhier ass en, mat Ausnahm vun den Nazi-regimesjoren, offiziell ëmmer en Athénée bliwwen.

D'Joer 1964 war fir den Athénée de Luxembourg, wéi de Kolléisch zënter dem 30. Juni 1945 offiziell heescht, e markant Joer, well e seng Lokaler an der Ënneschtgaass verlooss huet, fir sech a ganz moderne Gebailechkeeten um Geesseknäppchen an der Peripherie vun der Stad néierzeloossen.

Fir de Jos Groben - sou huet en emol geschriwwen - verwandelt sech den Athénée domat zum modernsten a luxuriéiste Schoulgebai am Grand-Duché mat groussen an helle Säll, mat gutt équipeierte Laboratoiren, mat ultramoderne Sportsinstallatiounen - ganz einfach zu enger Infrastruktur, mat där sech keen anere Lycée moosse kann.

Den neien Athénée vun 1964 war gebaut ginn, fir 800 Schüler opzehuelen. En hat 40 Klassesäll a 16 Spezialsäll, derniewent och eng Kantin an eng Kichen. Am Laf vun der Zäit ass d'Schülerzuel awer vun 800 op 1.500 geklomm, genau sou wéi d'Unzuel vun Léierpersonal, déi vun 80 op 200 eropgaangen ass. Et hu misse permanent zousätzlech Schoulraimlechkeete geschafe ginn. Et ass e Pavillon bäigebaut ginn, aner Espace sinn ausgebaut ginn, fir den dréngendste Besoiné gerecht ze ginn. Dat huet natierlech deem ganze Schoulbetrib net profitéiert.

Wann een déi aktuell Situatioun vum Athénée analyséiert, stellt ee fest, datt sech um Campus Geesseknäppchen, deen 1964 nach quasi onbebau war, an Tëschenzäit nach fénnef aner Schoulen néiergelooss hunn. Dee ganze Campus zielt haut iwwer 5.000 Schüler, a verschidden Infrastrukture ginn zesumme benotzt, wéi zum Beispill d'Kogeneratiounszentral, d'Schwämm, d'Busquaien, de Forum, an deem sech eng Schoulkantin befénnt, an eng ganz Rei vu Formatiounssäll.

Den Athénée selwer, dee bitt ausschliesslech den Enseignement classique u fir en Total vun 1.477 Schüler, déi op 64 Klassen opgedeelt sinn. D'Zuel vun de Klassesäll ass 58 an déi vun de Spezialsäll 24.



Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegeen, elo e puer Wuert zu deem, wat mer haut solle stëmmen. De Projet de loi ass de 25. Januar 2012 vum Minister vun der Nohaltegkeet an den Infrastrukturen, dem Claude Wiseler, déposéiert ginn, an de Statsrot huet säin Avis den 8. Mee dozou ofginn. Bei dësem Projet de loi geet et drëms, der Regierung d'Autorisatioun ze ginn, fir den Athénée de Luxembourg ze renovéieren. An dës Renovatiounsarbechten dierfen de Käschtepunkt vun 89 Milliounen Euro net iwwerschreiden.

D'Renovatioun vum Athénée gëtt am Kader vun de bestehende Gebaier gemaach. D'Gebai huet nämlech eng historesch an eng kulturell Valeur. Et ass en typescht Gebai aus de 60er Joren. Duerfir soll déi bestehend Gesamtstruktur vum Gebai bäibehale bleiwen.

D'Renovatioun verlaangt awer gréisser Ëmbaarbechten. D'Elektrescht, d'Waasser, d'Heizung, d'Fënsteren an d'Isolatioun mussen ersat ginn, wat och verschidden Upassunge vun der Struktur vum Gebai mat sech bréngt.

Als Resultat soll eng ganz renovéiert Konstruktioun entstoen, innerhalb vun der aktueller Gebaistruktur. D'Erausfuerverderung vun der Renovatioun ass also, d'Struktur vun de bestehende Gebaielechkeeten a vu charakteristeschen Elementer, wéi zum Beispill den zentrale Préau, deen dat zentraalt Gebai prägt mat sengem Mosaik an dem Buedembelag, esou vill wéi méiglech bäizebehalen an esou weéng wéi méiglech Ofrippaarbechten anzeplangen.

► **M. le Président.**- Ech bieden lech, noze-lauschteren, wann ech gelift!

► **M. Fernand Boden (CSV), rapporteur.**- De Konstruktionsprogramm ass op eng Schülerzuel vun 1.350 bis 1.450 ausgeriicht. Hie begräift d'Schafung vu 60 Klassen: 17 grousser fir 30 Persounen, 37 mëtteler fir 27 Persounen, fënnf klenger fir 18 Persounen, an eng Salle polyvalente fir 36 Persounen, an och 29 Spezialsäll. Des Weideren ass d'Realisatioun vu Strukturen fir d'Administratioun a fir den Accueil vu verschiddene Speziallokalen an och vun Aus-senanlage virgesinn.

D'Administrationsstrukturen ëmfaassen d'Direktiounsbüroen, d'Sekretariat, de SPOS, Archiven, Réunionsäll fir d'Direktioun an d'Léierpersonal an eng Rei vun zousätzlechen Lokaler. D'Empfangsstrukturen begreifen den iwwerdeckte Préau, de Festsall, d'Cafeteria, d'Bibliothék, d'Mediathék, Säll fir de Schülercomité an d'Schülerzeitung, d'Loge, Vestiaires an eng Infirmerie. D'Speziallokalen ëmfaassen technesch Lokaler, Sanitäranlagen, Lokaler fir Vëloen, Dreckskëschtchen, Atelier, Archiven, fir den Athénée a fir de Stat. Als Aussenanlage si virgesinn: e Parvis, e Schoulhaff, e Point de vente restauration, Parkplazen a Gréngflächen.

Dir gesitt, et ass e ganz vastë Programm. Ech wëll awer derbäifügen, datt d'Renovatioun net concernéiert: de banneschten Deel, den Ënneraum vun dem groussen Festsall an och net de Sportskomplex, déi scho virun enger Rei vu Jore renovéiert gi sinn.

Während der Renovationszäit ginn déi schoulesch Aktivitéiten ganz an eng temporär Struktur an der direkter Ëmgéigend transféréiert, fir dee ganze Schoulbetrib net ze vill ze stéieren. Aus Käschtegrënn an och aus Zäitgrënn soll d'Renovatioun vun de Gebaier vum Athénée nämlech global an Ugrëff geholl ginn. D'Käschte vun dëser temporärer Struktur, déi mer dann iwwregens 2009 hei am Haus am Kader vun de grands Projets d'infrastructure autoriséiert haten, belafen sech op 32 Milliounen Euro.

Dat ass en héije Käschtepunkt, mä dës Käschten erkläre sech doduerjer, datt et eng héichwäerteg an energiespuersam, prefabrizéiert Struktur ass, déi och nach bei anere Schoulchiantieren um Campus Geesseknäppchen wäert gebraucht ginn. Dëst provisorescht Gebai ass ronn 14.550 m² grouss a bitt Plaz fir 49 Klassen, 22 Spezialsäll, Locaux de service, Pausenhaff an e Préau. Dir gesitt, et ass eng grouss temporär Struktur, déi, wéi gesot, nach soll méi wéi eemol benotzt ginn.

D'Aarbechten an dëser temporärer Struktur sinn och gudd virukomm, esou datt een dervun ausgoe kann, datt een nach virun der Schoulreentrée 2012/2013 plënnere kann.

Déi aktuell Gebaier weisen, wéi scho gesot, grouss Lacunen op, souwuel wat d'Hygiène ubelaangt wéi och d'Feiersécherheet. D'neiwent hunn d'Gebaier Isolationsproblemer a keng effikass Energienotzung. Déi véier Fligelen vum Gebai gi renovéiert.

De Südfligel gëtt ganz opgemaach zur Säit vum Stadion mat der Schafung vun engem Rez-dejardin, dee vun natierlechem Licht profitéiere kann. Dat erméiglecht dann och de Sécherheetsdëngschter den Zougang zu dësem Fligel.

D'Südfassad vum Nordfligel gëtt verännert a gesäit d'Schafung vun engem geraimegen engleschen Haff vir. Dat erméiglecht, e groussen Deel vum Gebai, deen deels oder ganz am Buedem läit, ze déagagéieren an nei Klassen säll ze erschleisse mat enger natierlecher Beliichtung.

Am Ënnere vun dësen zwee Fligelen, Süd an Nord, kënn et zu enger Neiandeelung vun de Klassen säll, déi méi Raum kréien an och vill méi hell ginn.

Am Zentralgebai sinn de Rez-de-chaussée an den éischte Stack virun allem fir d'Administratioun a fir den Accueil reservéiert, mä déi aktuell Dispositioun vum zentrale Gebai erméiglecht Leit mat ageschränkter Mobilitéit keen direkten Accès zum Nord- a Südfligel. Dëst soll elo duerch de Bau vun zwee neie Lifter geännert ginn. An duerch d'Suppressioun vun de Gradins an den Auditoré vum zweete Stack sollen och zousätzlech Klassen säll do geschafe ginn an och Spezialsäll. Dofir soll och den Décrochement vun der Dall vum drëtten Stack verschwannen.

Eent vun den Ziler vum Renovationsprojet ass et och, den Energieverbrauch an de Gebaier ze senken, e gudd Raumklima ze schafen an och eng agréabel Ambiance fir d'Schüler a fir d'Léierpersonal. D'thermesch Leeschtunge fir den Athénée sollen ëm 45% erfogsat ginn, 15% vun de Besoinen en elektrischer Energie sollen duerch d'Installatioun vu 550 m² Fotovoltaik-Panneauen op den Diecher gedeckt ginn, wat et erméigleche géif, 43 Tonnen CO₂ pro Joer ze spueren.

D'Gebaier gi gehézt vun der Kogenerationszentral vum Campus Geesseknäppchen iwwer en urbanen Heizungsréseau. Dëst erméiglecht eng rationell Notzung vun der primärer Energie an eng Verréngerung vun de Verloschter.

De Statsrot huet näischt um Text vum Gesetzesprojet auszesetzen. Hie weist a sengem Avis drop hin, datt am Plan directeur sectoriel «Lycées» den Athénée an der Kategorie vu Lycéeën opgefouert gëtt, deenen hir Lokalisatioun keng sensibel Vergréisserung vum Schoulgebai erméiglecht, deenen hir Capacitéit scho provisoresch vergréissert ginn ass, duerch Pavil-lonen, a fir déi eng stänneg Vergréisserung aus pädagogesche Grënn net rotsam ass, well se soss ze grouss géife ginn.

D'Nohaltegkeetskommissioun war eestëmmege mat dem Projet averstanen. An ech bieden lech, léif Kolleeginnen a Kolleegeen, dësem Gesetzesprojet Är Zoustëmmung ze ginn, fir datt d'Renovatioun vum Athénée de Luxembourg méiglechst séier an Ugrëff ka geholl ginn. De Minister ass prett, fir am September mat de Virbereedungsarbechte vun der Renovatioun unzefänken. An doriwwer wäert sech net nëmmen den Direkter vum Kolléisch, deen drop gehalen huet, dës Debatt bäizewinnen, freeën, mä all d'Frënn vum Athenäum wäerten dat begreissen.

Ech wëll dann och direkt den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem wichtege Projet ginn. An ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- An e Merci un de Rapporteur. Als éischt Riednerin ass d'Madame Anne Brasseur agedroen. Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Anne Brasseur (DP).**- Här President, Dir Dammen, Dir Härren, fënnf Minutte Riedzäit, fir iwwer en Investissement vun 89 Milliounen ze schwätzen; fënnf Minutte Riedzäit, fir iwwer eng vénéabel Institutioun ze schwätzen, déi elo 409 Joer al ass, geet am Fong net due! An ech hätt mer gewünscht, dass mer méi eng breet Debatt hei hätte kënnen féieren.

De Rapporteur, den honorabelen Här Boden, huet awer a sengem schrëftleche Rapport an och elo grad a senger mëndlecher Duerleeung e Raccourci vun der Geschicht gemaach vu 400 Joer Kolléisch, an all déi, déi interesséiert sinn, déi géif ech drop verweisen, déi fënnf Bänn, déi fir de 400. Anniversaire erauskommen, sech unzekucken. Do sti wierklech immens wäertvoll Informatiounen, net nëmmen iwwert de Kolléisch, mä och iwwert d'Evolutioun vu Lëtzebuerg dran.

Well et nëmme fënnf Minutte sinn, wëll ech just eng Iwwerleeung hei uféieren, an zwar déi vun deem transitoreschen oder provisoresche Gebai. Dat ass opgeriicht ginn an enger Zäit vu 14 Méint an et kascht 32 Milliounen.

Dofir muss ee sech froen, ob dat net e Wee wier, dee mer an Zukunft kéinte goen, fir der Pénurie vun de Schoulgebaier méi séier no-

zekommen. Well wann een dat Gebai kuckt, da gesäit dat wierklech gudd aus vu bausse, mat Ausnahm - an do maachen ech eng Klammer, iwwert de Goût léisst sech bekanntlech streiden -, am Moment gëtt bausse eng Fassad, eng ganz faarweg Fassad ubruecht. Dat gesäit aus wéi Plastik - ech ginn dervun aus, dass et kee Plastik ass. Et ass esou faarweg, dass ech mech wierklech froen, ob dat passt.

Jo, de Campus Geesseknäppchen huet e bësse Faarf verdénkt, dat ass vläicht richtig, mä et gesäit aus, wéi wann do eng Spillschoul doheem wier, an net, wéi wann et e Campus fir Lycéeën wier. D'Schüler, déi hunn och schonn en Numm fonnt fir dat, déi nennen dat entweder Legoland oder Smarties. Ech géif nach derbäifügen, well et esou faarweg ass, dass een dat och kéint Lollipop nennen.

Mä ech wollt zrëckkommen op déi provisoresch Struktur, fir de Minister ze froen, ob en net envisagéiert, esou Projeten an d'A ze faassen, fir weider Gebaier opzeriichten. Et gëtt ons gesot, dass d'Durée vun deem Gebai ongeféier op 20 Joer geschat wier. Menger Meenung no kéint dat och nach méi laang halen, an et wier gudd, wann een da méi bëlleeg u Gebaier drukéim.

Well ech wëll drun erënneren, dat lescht Gebai, wat mer gestëmmt hunn, ass Jonglënster mat engem Käschtepunkt vun iwwer 100 Milliounen Euro. Allerdéngs ass do d'Sportsinfrastruktur och derbäi, déi hei jo net nei gebraucht gëtt.

Dofir géif ech de Minister bieden, dass en eng Kéier an d'Kommissioun kënnt an der Chamber, fir dass mer driwwer diskutéieren, wéi déi nächst Projekte kéinte realiséiert ginn a firwat een net op dës Wee kéint goen.

De Kolléisch elo brauch no méi wéi 50 Joer eng Renovatioun, dat ass normal. Eng Renovatioun, déi sech opdrängt, mä ech wollt awer eng Fro stellen zur Bauzäit.

D'provisorescht Gebai ass a 14 Méint opgeriicht ginn. Ech ka mer net virstellen, dass een et fäerdegrëngt, de Kolléisch ze renovéieren a 14 Méint. Mä et géif mech interesséieren, well deemools d'Bauzäit, déi huet siwe Joer gedauert, an dat wor eng enorm Diskussioun op der Place publique, well et esou laang gedauert huet a well et och, souwäit meng Erënnerung richtig ass, do zu kräftegen Dépassementer koom.

Dofir, wéi laang ass d'Bauzäit?

An da géif ech ofschléissend soen, dass ech den Accord vun der DP-Fraktioun selbstverständlech zu dësem Projet bréngen an nach derbäisoen, no 50 Joer brauch eben esou e Gebai - an heiansdo net nëmmen e Gebai - méi wéi e Facelifting.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci der Madame Brasseur. Als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Ben Fayot (LSAP).**- Här President, ech sinn net an der Commission des Travaux publics oder wéi dat haut heescht, mä et interesséiert mech, wat hei am neie Kolléisch geschitt, e Gebai, an deem ech iwwer 20 Joer vu menger professioneller Carrière hanneru mech geluecht hunn.

An et interesséiert mech och, well ech awer eng gewësse Mémoire hunn, well ech dat aalt Gebai nach kannt hunn an der Ënneschtgaass an dunn an dat neit Gebai komm sinn an effektiv, wéi de Rapporteur a sengem exzellente Rapport gesot huet, vun engem däischteren, enken, héichgebauten an tarabiscotéierten ale Kolléisch, dee vläicht e puer honnert Joer al war, mä awer net méi ganz funktionsfäeg, an e grousst, modernt, lumineust Gebai komm sinn.

Ech wëll och soen, dass dat Gebai - et gëtt hei gesot, et ass en Témoignage vun der Architektur vun de 60er Joren -, dat Gebai ass an de 50er Joren ugefaang gi gebaut ze ginn, an Dir wësst, wann Der d'Geschicht kuckt, dass schonn an den 30er Joren driwwer nogeduecht ginn ass, fir en neie Kolléisch ze bauen. An dat erënnt jo och un déi Durée, déi mer ganz oft zu Lëtzebuerg brauchen, fir Gebaier opzeriichten.

Déi Renovatioun vun deem Kolléisch soll jo 89 Milliounen kaschten, si soll an dräi Joer iwwert d'Bühn goen. De Choix architectural war jo fir net ofzerappen, mä fir dat Gebai a senger Struktur ze erhalen, well et eben en Témoignage architectural ass. Et sollen eng Partie Saachen erhalen gi wéi d'Mosaiken. Ech froen de Minister, wéi vill dass bannen am Gebai erhalen gëtt.

Well ech erënnere mech, dass do ganz schéi Boiserie waren, Holzaarbechten, déi och zu där Neiheet vun deem Gebai gehéiert hunn, an et sinn och vläicht nach aner Elementer vun Architecture d'intérieur, déi do ze erhalen sinn. Do

wollt ech froen, vu dass dat Gebai jo awer largement sollt entkernt ginn, wéi dat ka geschéien, fir dat ze erhalen, wat arkitektonesch fir déi Jore bannen am Gebai interessant ass.

Déi Renovatioun ass sécher noutwendeg, an ech kann lech soen, scho vum éischten Dag un, wéi dat Gebai opgemaach gi war, wéi dat beluecht gi war, wär et scho renovatiounsbedürftig gewiescht. Well ech erënneren drun, dass dat fir d'Éischt war an engem groussen Bau zu Lëtzebuerg, wou et esou grouss Fënsteren ginn ass, déi och nach en plus no Westen ausgeriicht waren, a wann ee weess, dass vu Westen de Wand an de Ree kënnt, dann huet ee sech net gewonnert, wann ee moies an d'Schoul koom, dass do grouss Flaquen an de Klassen säll waren, an dass dann och déi vill Rideauen, déi mer virun d'Fënsteren gemaach hunn, fir de Gebaier Schiet ze ginn, den Zëmmere Schiet ze ginn, dass déi och oft futti gerappt waren.

An da wëll ech och drun erënneren - et ass einfach e Point d'histoire -, dass och déi schéi modern Mosaiken, déi deemools an d'Gäng gemaach gi sinn, an déi schéi grouss, riseg Gäng dragemaach gi sinn, dass déi sech och no e puer Woche scho bombéiert hunn - vläicht war de Bëton nach net dréchen, wéi déi dropgeluecht gi sinn? Wat ëmmer do geschitt ass, dat sinn e puer Beispiller vun all deene Saachen, déi do net geklappt hunn, wou op där anerer Säit awer effektiv dat en agréabelt Gebai war, wou vill Plaz war a wou och d'Schüler an d'Proffe sech wuelgefillt hunn.

Ech wollt nach eppes soen zum Emplacement vun deem Kolléisch. Gewéinlech ware jo d'Lycéeën an der Stad um Lampertsbiereg implantiert, well och do lues a lues d'Proffe gewunnt hunn, well déi sech Haiser do gebaut hunn, an dofir ware se da beim Lycée de Garçons, si ware beim spéidere Lycée Robert-Schuman - Meedercherslycée - a bei der Handwierkerschoul.

Et ass haut nach, fannen ech, eng wichteg Fro, wéi d'Implantatioun vun de Lycéeën an der Stad soll geschéien. Dat geschitt schleppend. Mir hunn also e Campus, eng Aart Campus um Lampertsbiereg, wou mer menger Usicht no ze vill Gebaier hunn, déi mer musse lues a lues do ewechzéien.

Mir hunn de Campus um Geesseknäppchen; dat war eigentlech net als Campus virgesinn. Et war einfach, well eng Schoul do war. An do waren Terraine ronderëm, an do sinn aner Schoulen dohinner gebaut ginn. Dat war also keng grouss, wäitsichteg Iddi vun den deemolege Regierungen. Et war einfach eppes, wat sech esou ugebueden huet a wat da geschitt ass.

Haut ass et natierlech interessant, dass dee Campus besteet, well et interessant Synergie gëtt. An do wollt ech just froen - et ass mer gesot ginn an der Kommissioun, dass eng grouss Bibliothék, eng nei Bibliothék fir de Kolléisch kënnt, déi och accessibel no bausse ass -, ob dat net och eng Méiglechkeet wär, eng weider Synergie ze maachen um Plang vun der Bibliothék oder vun der Mediathék fir all déi Schoulen, déi op deem Terrain do sinn.

Ech wollt och nach eng weider Fro stellen, Här President, iwwert de Parking. Mir wësse jo, dass haut an d'Lycéeën net nëmme Professoren mat Autoe kommen, mä och vill Schüler. Mir hunn elo e Parking, deen no beim Alima ass. Mir hunn uewen e Parking bei der ECG, dee jo och héchstwahrscheinlech gemeinsam gebraucht gëtt. Hei beim Kolléisch sollen 18 Parkplaze komme fir d'Direktioun an déi Leit ronderëm.

Ass gekuckt ginn, ob dat, wat do als Parkméiglechkeet ass an deem Quartier fir déi Schoulen, ob dat duerget? Sécher wëlle mer jo d'Schüler an d'Proffen och op den Transport collectif kréien, mä nach weess een, dass déi Quartiere ronderëm riskéieren, zougeparkt ze ginn, wa mer net e bësse viruergoen.

Ech wollt och nach just eng lescht Fro stellen, Här President. Dat ass iwwert dat provisorescht Gebai, d'Madame Brasseur huet doriwwer geschwat, dat ass op 25 Joer ugeluecht. Mir wëlle jo elo dräi Joer fir de Kolléisch gebrauchen, fir deen ze erneieren, an dann duerno ass och gesot ginn, dass de Lycée Michel-Rodange soll erneiert ginn, an dann hu mer héchstwahrscheinlech siwen, aacht Joer hannerun ons, da bleiwen awer nach eng Partie Joren.

Ass geduecht, fir spéider eventuell dee Bâtiment provisoire fir e ganze Lycée, en neie Lycée op där Plaz ze installéieren? Oder wéi gesäit d'Regierung dat vir?

Dat gesot, Här President, géif ech den Accord vun der LSAP fir dës wichtege Projet bréngen an ech hoffen, dass mer schnell virukommen, dass mer dat effektiv an dräi Joer fäerdeg kréien.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Fayot. Als nächste Riednerin ass d'Madame Lorsché agedroen. Madame Lorsché, Dir hutt d'Wuert.



► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e Schoulgebai, wat an engem desolaten Zoustand ass, wat net behënnertegerecht ass, wat aus allen Néit platzt an d'Energie nëmmen esou verschleiert duerch seng feelend Isolatioun, muss noutgedronge sanéiert, renovéiert ausgebaut oder nei gebaut ginn.

Dése Projet de loi leeft insgesamt drop eraus, déi Mësstänn ze behiewen, fir d'Zukunft vum Kolléisch ofzesécheren, a fënnt och doudsécher d'Ennerstëtzung vun der grénger Fraktioun.

E Merci wëll ech och dem Här Boden ausdrécke fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport, deen nieft den techneschen Detailer och interessant Informatiounen iwwert déi geschichtlech a kulturell Entwécklung vum Kolléisch geliwwert huet.

Wat een am Rapport awer nach gewuer gëtt a wat hellhöreg mécht, ass natierlech de Käschtepunkt vun de geplangten oder schonn entaméierten Aarbechten an der Tëschestruktur. Eng Investitioun vun 90 Milliounen Euro fir d'Renovatioun vun engem Gebai, mat zousätzlechen 32 Milliounen Euro fir d'Installatioun vun enger temporärer Struktur, ass keng „mince affaire“, wéi e Journalist sech am „Quotidien“ ausgedréckt huet, mä en décke Batz Geld.

Virun allem ass et en décke Batz Geld am Verglach zu ähnleche Schoulprojeten, déi am Ausland, wéi beispillsweis zu München, realiséiert gi sinn an den Informatiounen vum „Lëtzebuerger Land“ no oft en Drëttel manner kaschten oder souguer nëmmen hallef esou deier ginn, wéi d'Sanéierung vum Athenäum.

Wéi laang eis Economie esou luxuriéis Bauprojeten nach verkraft, ouni datt se op d'Käschte vun de sozialen Errungenschaften ginn, ass fir eis eng berechtegt Fro. Domat wëll ech op kee Fall d'Investissementer, déi hei am Beräich vun Energie gemaach ginn, a Fro stellen, well se sech schlussendlech nohalteg bezuelt maachen.

Eng Remarque, déi sech doraus ergëtt, bezitt sech op d'Käschten-Notzen-Analys, déi virun allem a Krisenzäiten néideg ass, fir d'Ausgaben engem méiglechst héijen Notzen zouzeféieren. Wahrscheinlech huet oder hätt eng déif gräifend Analys erginn, datt en Neibau eng méi sënnavoll Alternativ zu der Renovatioun duergestallt hätt. En Neibau wär nämlech kaum méi déier ginn, hätt méi Fräiheet an der Andeelung vun de Raimlechkeeten erlaabt an hätt doriwuer eraus och méi eng héich Notzung vun erneierbaren Energien erméiglecht.

Well den zoustännege Ministère, déi Responsable vu Sites et Monuments an d'Schouldirektioun awer drop gehalen hunn, der histoirescher Bedeutung vum Gebai, als wäertvolle Patrimoine vun der Stad Lëtzebuerg, Rechnung ze droen, ass déi, ech muss soen, och méi kalbliddeg Optioun vun engem Neibau net a Fro komm. Wahrscheinlech huet bei där Décisioun och eng gewëssen Nostalgie bei eenzelnen Exstudenten aus dem Kolléisch matgespillt, déi sech net nëmmen un d'Léieren an deem Gebai erënneren, mä och u flott Erlebnissen, a sech nach haut mat hirer Schoul identifizéieren. Beispiller hu mer hei méi, mengen ech.

(Interruption)

Ech war net derbäi.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ouni d'Geschicht wëllen ze vergiessen an och mat all Respekt fir d'Décisioun, déi al Bausubstanz, trotz hire Mängel, esou wäit wéi méiglech ze erhalen, woe mir awer ze behaupten, datt d'50er a 60er Joren alles anescht ware wéi eng architektonesche Blütezeit.

► **Une voix**.- Dat ass net wouer!

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Ob d'Gebai vum neie Kolléisch an d'Kategorie vun de schützenswäerte Bauwierker klasséiert ka ginn oder éischter vläicht en typescht Produkt ass vun enger méi ongeschlaffener Architektur aus de 60er Joren, ass net onëmstridden a stellt d'Fro vum Neibau ënner en anert Licht. Natierlech mat der Erhaltung vun de wäertvollen Elementer, déi bannen an der Schoul ze fanne sinn. Natierlech och mam „Datzemich“, dee weiderhin seng Plaz bei all Gebai verdéngt, dat Kolléisch heescht.

Eng fundamental Diskussioun iwwert de Wäert respektiv de Sënn vun der Erhaltung vun der Architektur wär an eisen Aen net vu Muttwëll gewiescht, trotz der Nostalgie, déi un dësem Gebai häng.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer zum Schluss nach eng Remarque iwwert d'Innenarchitektur, déi dem jeeweilegen Typ vun Enseignement muss ugepasst ginn an dernieft och e groussen Afloss op d'Zesummeliwwen, op d'Wuelbefannen an op de Léierprozess an der Schoul huet.

Am Text vum Projet de loi stinn eng ganz Rei Informatiounen iwwert d'Verdeelung an d'Zuel vun de Klassen an iwwert d'Fächer, déi an de jeeweilege Raim wäerten enseignéiert ginn.

Wat aus dem Text vum Projet de loi net ervirgeet, ass, ob den Enseignement technique an déi geplangten Infrastruktur wäert integréiert ginn oder net. Mir wäere frou, vun der Regierung gewuer ze ginn, wou dës Diskussioun drun ass an ob un e gemëschten Enseignement fir dës Schoul geduecht gëtt.

Souwuel aus pädagogesche wéi och aus sozialen a kulturelle Grënn géif déi gréng Fraktioun dese wichtige Schrëtt a Richtung Gesamtschoul fir all eis Kanner begrëssen. Allerdéngs mussen dann d'Raimlechkeeten och esou geplangt sinn an openeen ofgestëmmt ginn, datt déi zwee Type vun Enseignement harmonesch matenee fonctionnéiere kënnen, ouni datt ee vun hinnen de Kierzeren zitt.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci der Madame Lorsché. Als leschte Riedner ass den Här Henckes agedroen. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jacques-Yves Henckes** (*ADR*).- Merci, Här President. Och vun onser Säit aus dem Rapporteur, dem Här Boden, e grouse Merci, deen haut a ganz kuerzer Zäit e Projet de loi analyséiert huet, eng Konstruktioun analyséiert huet, wou et awer ëm 89 Milliounen Euro geet, an dat geschat op den 1. Abrëll 2011. Ech huelen un, datt ee Joer méi spéit dee Montant do schonn e gutt Stéck an d'Luucht gaangen ass, esou datt mer haut eng wichteg Décisioun huelen.

Dat anert, wat ee muss festhalen, dat ass, datt den Athénée eng Traditioun huet. Vu 1603 u besteet den Athénée. E wor fir d'Éischt am Stadkär, dunn ass en op Märel komm an en ass permanent gewuess.

D'Resultat vun de Schüler si ganz gutt, mä et gesäit een, datt sech awer mat der Zäit eng Problematik agefallt huet, dat ass, datt d'Zuel vun de Schüler, déi do ass, déi ass steteg geklommen. An dat ass net gutt, well wann ze vill Schüler do sinn, huet dat och negativ Auswirkungen.

Duerfir begrësse mer, datt déi Schülerzuel, déi elo besteet vun 1.500, datt déi soll gemeiss dem neie Projet tëscht 1.350 an 1.450 leien. Dat heescht, datt mer also net op eng Augmentatioun vun der Schülerzuel am Athénée higinn, mä op eng Reduktioun oder weinstens eng Stabiliséierung, wat mer positiv fannen.

Déi aner Saach, Här Minister, do wollt ech der Regierung soen, datt mir der Meinung sinn, datt et soll op jidde Fall net an d'Richtung Gesamtschoul goen. Dat heescht, datt mer net sollten och nach derniewent en Technikum hunn, mä datt et sollt wierklech esou bleiwe wéi et ass, dat heescht, e Kolléisch, deen do ass fir den Enseignement secondaire.

Dat gesot, kënnen mer natierlech mat deem Gesetzesprojet hei d'accord sinn.

► **M. le Président**.- Merci dem Här Henckes. Elo kritt d'Wuert den Här Nohaltegekeetsminister Claude Wiseler.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Merci, Här President. Ech wëll ufänken, andeems ech selbstverständlech der Kommissioun an dem Fernand Boden villmools Merci soe fir dee Rapport, dee se hei gemaach hunn, deen eis och erlaabt huet, mat deem Dossier hei schnell virunzekommen. An domat wëll ech weiderfueren, andeems ech soen: „Schnell“ ass fir eis e wesentlech Element an dësem Dossier gewiescht, well ganz einfach eise Programm ganz enk ass.

Ech mengen, d'Madame Brasseur huet virdru gefrot, wéi et elo géif weidergoen, wéi déi Bauzeit do wär. Mir hunn effektiv do eng ganz Rei Décisiounen a Choixen an deem hei Dossier geholl op Basis vun den Zäithorizonten, déi sech stellen.

Dat Éischt, dat war: Wéi gi mer dee ganzen Dossier un, well normalerweis wär et bei der Renovatioun vun engem Gebai jo esou gewiescht, datt een dat an Etappe gemaach hätt, Fligel pro Fligel frëschgemaach hätt, an dee Moment och net hätt missen e provisoersch Gebai bauen, sou wéi mer et haut maachen.

Mä mir hunn awer net deen do Choix geholl. Mir hunn en anere Choix geholl, well mer zu Wolz, zu Dikrech an anere Gebaier, wou mer déi do Experienz gemaach haten, net onbedéngt déi allerbescht Erfahrung haten. Dir kënnt lech vläicht erënneren un déi Diskussiounen, déi mer ronderëm de Kaméidi an d'Sécherheet am Wolzer Lycée haten, wou mer zwar keen anere Choix haten; mir hu missen an esou Etappen am Gebai selwer fueren.

An dunn hu mer gesot, wa mer eng aner Léisung hunn, dann huele mer wierklech eng aner Léisung. An déi aner Léisung, déi mer elo geholl hunn - en neit provisoersch Gebai bauen, fir de Kolléisch an enger Etapp ze renovéieren -, déi huet dann och eng Rei Avantagen.

Deen éischten Avantage, dat ass, datt mer kënnen nu wierklech schaffen, andeems mer d'Gebai eidel hunn, net brauchen ëm d'Sécherheet eis ze bekëmmere, net all eenzel Fligel mussen oftrennen an dee Moment och méi bëlleg kënnen d'Renovatioun maachen, wéi wa mer op deen anere System hätte kënnen goen. Dat heescht, d'Schüler sinn och méi getrennt, se hunn och manner Kaméidi an deene Strukturen, déi se hunn.

Dann huet et natierlech haaptsächlech den Avantage, datt mer massiv Zäit spueren. Hätte mer et nämlech anescht gemaach a wäeren an dräi Etappe gefuer, dann hätt jiddwereng vun deenen Etappen - well de Kolléisch ass jo grouss, och wann een en an dräi Drëttel deelt, ass en nach ëmmer grouss -, jiddwer Phas hätt dräi Joer gebraucht. Dat heescht, Dir hätt dräi mol dräi plus dann dat, wat an der Mëtt do nach fräibleift: bal zéng Joer gebaut, éier Der fäerdeg gewiescht wäert. Zéng Joer Bauzeit! An do hu mer gesot, dat kënnen mer net maachen, mir hunn eng aner Méiglechkeet, also huele mer elo de Wee op déi aner Méiglechkeet, fir de Provisoire.

An zéng Joer Bauzeit, do kënnt Der lech och virstellen, wat do de Präis gewiescht wär. Dee wär wesentlech méi héich gewiescht, eleng och scho weinst der Zäit, wéi dat, wat mer elo maachen. Duerfir de Choix, fir dat hei am Provisoreschen ze bauen.

Wéi ass elo d'Bauzeit - dat war Är Fro -, wéi ass elo d'Bauzeit vun dem ganze Gebai? Mir schätzen et op dräi Joer an. De Kolléisch, wéi e gebaut ginn ass, hutt Der gesot, dat ware siwe Joer. Hei ass d'Renovatioun, d'Bauzeit op dräi Joer. Déi Häre vum Bâtiment public soe mer, '15, '16 kënt een anzéien. Déi soen awer hannerdrun - déi léif Virsiichtsmoosnam, déi ech gär hunn -, dat wär awer „très ambitieux“.

Mä ech soen lech an hinnen, datt et och très ambitieux war, am September kënnen unzefänken, vu datt mer de leschte Juli ugefaangen hunn, dee Provisoire dohinzekréien, an datt et och ambitieus ass, datt mer am September 1.400 Schüler - 1.400 Schüler! - an e provisoersch Gebai erakréien. Zwielf Méint Bauzeit, déi mer duerfir gebraucht hunn, och dat war ambitieus, an dat geet awer, well den nächste 15. September fänkt déi Schoul do un. An ech invitéiere wierklech d'Chamber, dat Gebai do eng Kéier kucken ze goen, wann d'Schüler bis dra sinn, well et ass wierklech flott.

Et ass wierklech flott an et ass no alle Qualitéite vun dem Energiespuere perfekt, an et kann ee weisen, wat mer do gemaach hunn. Ech hunn och weder vun Enseignantë nach vun de Schüler nach vun der Direktioun eng Klo driwwer kritt, an ech ginn och dovunner aus, datt mer och keng kréien, wa se bis dra sinn.

Dat heescht, dee Pari, dee packe mer, an ech ginn dovunner aus, datt mer deen aneren och packen.

Elo kann een awer, Madame Brasseur, schwätzen, ob déi Faarwe schéi sinn oder net, wéi elo déi giesen Dekorationsplacke gemaach gi sinn. Mä ech hunn...

► **Mme Anne Brasseur** (*DP*).- Ass et Glas oder wat ass et?

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Ech weess net, wat d'Matière ass, mä et ass eng modern Matière an et si modern Faarwen. Mä ech hunn interessanter fonnt, wéi am Fong d'Beschreiwung vum Här Fayot gemaach ginn ass, dee léif seet: „Dat aalt Gebai, dat war gro, tarabiscotéiert, an du si mer...“ - mä hie war Franséischproff, duerfir déi schéi Wieder: „tarabiscotéiert“, „...an du si mer an e lumineusé Kolléisch erakomm.“

An no deem „lumineusé Kolléisch“, dee mer dann elo nach méi lumineuse frëschmaachen, gi mer dann awer an e wierklecht...

► **Une voix**.- Colourfull!

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- „...„Smarties-Gebai“, wéi Dir sot, an e Gebai mat ville Faarwen, wat awer flott ass. Ech muss soen, ech war et kucken, et war nach net fäerdeg, wéi ech et kucke war. Ech fannen et frëndlech, ech fannen et op an ech fannen et fir e provisoersch Bau wierklech eppes Agréabeles. Kommt et kucken - des goûts et des couleurs..., wësst Der, jiddwereen huet eng aner Meinung -, ech fannen et flott, Dir fannt et elo manner flott.

Mä wichtig ass, datt mer et allen zwee bannendran agréabel fannen an datt gutt sech Schoul dran hale léisst, an do si mer eis absolut eens op deem, wat mer do wëlle soen. Dat ass

dat Éischt, déi éischt Remarque, déi ech wollt maachen.

Da kommen nach eng Rei Saachen hannerdrun, déi gefrot gi sinn, wat den Emplacement vun de Lycéën ugeet. Et ass richtig, datt déi Zäit, wéi déi hei Gebaier - um Lampertsbiere scho méi laang, duerno um Geeseknäppchen - gebaut gi sinn, déi Notioun vun Urbanismus, déi mer haut kennen, vu Stadplanung, nach guer net esou war, wéi se haut ass. Et ass wierklech, datt et aus dem Zoufall entwéckelt ginn ass op där do Plaz.

Ech muss awer och soen, datt ech et e glécklechen Zoufall en fin de compte als Schlussfolgerung fannen, well et huet awer d'Stad sengerzäit an eng Richtung entwéckelt, déi, wär de Kolléisch net dohinner komm, sécher ganz anescht gelaf wär. An de Fait, datt mer haut do kënnen e ganze Campus ermëfannen, soen ech als Transportresponsabelen, als Transportminister, ass dann awer eng gutt Saach, well et eis ganz vill Synergie maache léisst, wéi Der richtig gesot hutt, mä haaptsächlech, well et eis och erlaabt, den Transport ganz anescht ze organiséieren.

Synergien, déi mussen awer och d'Schoule wëllen. Mir hunn elo vu Bibliothéike geschwat, Här Fayot, Dir hutt dat och gefrot: Sinn do nach aner Synergie méiglech? Ech kann dat net wëssen. Ech wëll se och net opdrängen de Schoulen. D'Schoule mussen kucken, wat un deem Campus als Synergie gewollt ass, méiglech ass, an als Travaux publics si mir selbstverständlech bereet, op esou Synergien anzegoen.

De Forum, deen um Geeseknäppchen steet, ass jo zum Beispill ee Beispill vun esou enger Synergie, wou eppes zesumme gemaach ginn ass, an och déi grouss Sportsinfrastrukturen, déi grouss Piscine am Kolléisch, déi och nach anescht benotzt gëtt.

Vun de Parkinge wëll ech och nach d'Remarque maachen, datt mer jo do ëmmer momentan dohinner ginn, fir ze kucken, wa mer Gebaier bauen, wat dann d'Opdeelung bei de Parkingen ass, an ëmmer probéieren, esou eng Zort „modal split“ och an de Parkingen ze reflétéieren. 75% vun den Enseignanten, déi do sinn, sollen dann och mam anere Personal eng Plaz, eng Parkplaz kënnen kréien. Mir hunn do eng ganz servant Method, fir datt kee Gebai defavoriséiert gëtt par rapport zu engem aneren.

Mä elo därfen een awer net bei deenen 18 Parkplazen, déi hei dra sinn, einfach soen, de Kolléisch huet just 18 Parkplazen. Et si jo nach eng ganz Rei Parking-souterrainen ënnert dem Geeseknäppchen, dat wësse mer alleguer, an déi kënnen och gebraucht gi selbstverständlech vun alle Schoulgebaier, sou datt awer do Parkraum genuch ass.

Ech wëll awer do virdru warnen, fir bei Schoulgebaier hinzugeen an ze soen: Mir wëllen och elo sämtleche Schüler Parkinge bauen. Well maache mer dat, dann zéie mer awer wierklech de Verkéier, den Individualverkéier massiv dohinner un. Dat heescht, du bass ëmmer an deem Dilemma do: Wéi vill solls de maachen a wéi vill solls de net maachen? Ech mengen, datt mer probéiert hunn, hei um ganze Geeseknäppchen en uerdentlechen Équilibre ze fannen.

Da war och nach d'Fro: Soll dat do duerno e Lycée définitif ginn op där Plaz? Sécherlech soll emol dat provisoersch Gebai eng Rei Joren déngen, bis mer op deem ganze Geeseknäppchen dann erëm den Tour gemaach hunn, fir déi Renovatiounsaarbechten an all Gebai gemaach ze hunn. Wat duerno dohinnerkënnt, dat weess ech net, dat ass dann a 15 oder an 20 Joer, datt mussen dann op Basis vun der Evolutioun vun eise Land an de Besoinen, déi sech da stellen, déi Leit decidéieren, déi dee Moment do sinn.

Ech soe just haut: Déi Méiglechkeet ass selbstverständlech do. Mä d'Décisioun vun dëser Regierung ass nach net geholl fir dat, wat a 15 oder 20 Joer soll geschéien.

Der Madame Lorsché wëllt ech awer och e puer Saache soen. Also Dir wësst, datt mir de Kolléisch jo ganz sympathesch ass an datt ech effektiv heiansdo Nostalgie spieren, wann ech dorunner denken. Mä ech muss lech awer och soen, wéi mer iwwert dee Bau hei am Ministère fir d'Éischt geschwat hunn, war ech deen Éischten, dee gesot huet: Kommt, mer huelen d'ganz Gebai ewech! Well et ass net un der Architektur, wou ech nostalgesch war, an et ass net do, wou mäi Souvenir hänke bliwwen ass.

Mä ech sinn du vun den Architekten, vun de Leit vum Bâtiment public, vun de Leit vu baues



sen awer iwwerzeegt ginn, datt de Kolléisch en Zäitzeie wär an datt ee sollt mat relativer Virsiicht dorunner erugeen. Ech hunn dat och agesinn, ech hunn dat och verstanen an ech war och mat deem Wee d'accord. Et ass och sécherlech net méi deier wéi en neit Gebai gewiescht wär. Mä ech soen lech awer och: Hätte mer et ofgerappt, da froen ech mech awer, wat Der gesot hätt. Well Dir sidd awer normalerweis déi Fraktioun, déi eis dauernd drop opmierksam mécht, op d'Erhaltung vun dem historesche Patrimoine.

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Merci!

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Voilà, mä Dir hutt elo just de Contraire gemaach, duerfir soen ech...

► **M. Félix Braz** (*déi gréng*).- Merci! Merci, Här Minister.

(Interruptions diverses)

Dat éiert lech, dat anzegesinn.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Ech akzeptéieren déi Diskussioun ganz gär, mä hätte mer de Contraire gemaach, dann hätte mer déi Géigendiskussioun gemaach. Am Prinzip geet et mer ëmmer esou, egal wat ech maachen...

(Interruptions diverses)

► **Une voix**.- Et ass Nokrichsarchitektur.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Mä mir sinn eis awer grosso modo eens, datt mer hei e Choix geholl hunn, dee richtig war, well et ass réellement en Zäitzeie vun där enger Époque. Elo kann een déi Architektur aus de 50er oder 60er Jore schéi fannen oder net schéi fannen, mä formell gesinn ass et wierklech en Zäitzeien aus deem, wat do war.

Dann ass zum Schluss nach d'Fro, ob do e gemëschten Enseignement kënnt oder net. Dat musst Der d'Éducation nationale froen. Meng Informatioun ass, datt de Lycée classique do weidergefouert gëtt. Mä déi Diskussioun, iwwer wat fir een Typ d'Enseignement a wat fir eng Gebaier dat gemaach gëtt, dat dërft Der net den Travaux-publics-Minister froen, dat musst Der den Éducationnminister froen, fir do d'Explicatiounen an d'Antworten ze kréien. Dir hutt de Programm gesinn, esou wéi mer en elo bauen. Dat ass en ähnleche Programm wéi en actuellement an dem classesche Lycée Athenäum war.

► **M. le Président**.- D'Madame Brasseur géif nach gären dem Här Minister eng Fro stellen, huelen ech un.

► **Mme Anne Brasseur** (*DP*).- Denkt Dir drun, fir och op anere Plazen, fir där Pénurie méi séier nozekommen, op déi provisoersch Bauweis zrëckzegräifen, well mer hei e komplett Schoulgebai fir 1.400 Schüler fir 32 Milliounen - ouni Sportsinfrastruktur allerdéngs, muss een derbäisoen - opgeriicht kruten? Ass dat net ee Wee, an deen ee ka goen? A sollte mer ons net eng Kéier domat an der Kommissioun mat den Experten driwwer ënnerhalen?

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Ech hat vergiess, lech op déi Fro ze äntworten. Mä et war eng vun deene wichtegste Froen, déi effektiv gestallt gi sinn. An d'Äntwert ass: jo, ganz kloer jo! Fir mech sinn dat do keng Containere, keng provisoersch Struktur, déi einfach just fir zwee, dräi Joer Passage do ass, an duerfir wär ech och frou, wann am September d'Kommissioun oder d'Chamber eng Kéier géif kucke goen, datt se kéint selwer feststellen, datt mer et hei mat ganz gudder an héijer Qualitéit ze dinn hunn. An et géif mech iwwerhaupt net stéieren, ech sinn éischter favorabel, fir esou Saachen ze maachen.

Et muss een awer wëssen, datt een duerfir e relativ platten Terrain muss hunn, fir am Fäerdegbau ze schaffen. An et muss ee wëssen, datt een och net all Type vu Schoul, wann et grouss Atelieren an Ähnlechens sinn, kann een et net an deem do Typ maachen, do muss een dann e classesche Bau maachen. Mä eng Mix-Struktur fir e ganz Gebai dann hinzekréien ass duerch aus eppes, wat mer an der Zukunft kënne maachen. Et geet méi schnell, et spuert eis Suen an do si mer op darselwechter Linn.

Merci.

► **M. le Président**.- Merci dem Här Minister. Domadder wier d'Diskussioun ofgeschloss, a mir kéimen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6385 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6385 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par M. Marcel Oberweis), Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Christine Doerner), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Marie-Josée Frank), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter (par M. Jean-Paul Schaaf);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Als nächste Punkt hu mer eng Konsultatiounsdebatt iwwer e Mobilitéitskonzept an den Tram an der Stad. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Wilmes, Bettel, Negri, Bausch an Angel. Elo kritt fir d'Alleréischte den Nohaltegkeetsminister, den Här Claude Wiseler, d'Wuert. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

4. Débat de consultation au sujet du concept de mobilité et du tram dans la ville de Luxembourg

Exposé

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Här Président, Dir Dammen an Dir Hären, ech si frou, datt mer de Mëtteg déi Konsultatiounsdebatt hei kënnen an der Chamber féieren, well fir mech ass et en extrem wichtegen Débat, well et ëm dat Konzept vu Mobilitéit hei am ganze Land geet an en particulier den Tram an der Stad Lëtzebuerg.

Dir wësst, datt zu engem Deel dee Ministère, deen ech dærf elo féieren, esou zesummegesat ginn ass, wéi en zesummen elo ass, mat deene verschiddenen Departementer, fir eis ze erlaben, eng Mobilitéitspolitik ze maachen, déi global ass, wou mer all déi verschidde Sparten, ob dat individual, öffentlechen Transport, Mobilité douce, ob dat Schinn oder Strooss ass, zesummen an enger Hand hunn, fir domat eppes Konkretes a Coordinnéiertes ze maachen.

An dat, wat Der hei als Konzept hutt - wat awer baséiert op deem, wat meng Virgänger gemaach hunn, den Här Lux, den Här Grethen, déi jo och schonn an hire Beräicher déi Etüde gemaach hunn an deene leschte Joren -, baséiert op deenen Etüden. Mir hunn net alles nei erfondt, mir hu wierklech probéiert, et esou zesummesetzen, datt et zesummegräift.

Firwat wollt ech déi Konsultatiounsdebatt hei an der Chamber? Mä well et elo Zäit ass, mat der Mobilité durable, där Strategie, a mat dem Tram-Projekt och bei d'Leit ze goen. Mir wëllen eng Rei Explikatiounen no bause ginn, mir wëlle mat de Leit schwätzen, mir wëllen déi Projeten explizéieren, well et ass wichtig, datt och dobaussen d'Leit informéiert sinn.

Et ass vill geschwat ginn, et ass vill gesot ginn, net ëmmer alles war richtig, an duerfir géife mir gär déi Explikatiounen ginn. Eier mer awer erausginn, Explikatiounen ginn - an dat maache mer zesumme mat der Stad Lëtzebuerg -, ass et wesentlech, datt d'Chamber an och de Starter Gemengerot d'Informatiounen hunn an eis den „Go“ kënne ginn, well ech brauch d'Ënnerstëtzung esou large wéi méiglech vun deene politeschen Instanzen, fir ze wëssen, datt mer awer och eppes am Réck hunn, éier mer mat de Leit dobausse schwätzen.

Mir hunn - an ech fänke ganz oft Rieden domadder un - hei zu Lëtzebuerg kee Mobilitéitsproblem, ausser moies an ausser owes. Mä dann hu mer e seriöe Mobilitéitsproblem, well dann, Dir kennt et, si Stauen op eisen Haaptachsen. Wou kënnt déi Evolutioun do hier?

An ech si ganz kuerz dodran. Mä, wann ee kuckt, wéi eis ekonomesch Evolutioun an deene leschte Jore gaangen ass, da gesäit een, datt mer an deene leschte 15 Joer an der Moyenne 10.000 nei Aarbechtsplazen d'Joer geschaf hunn. Dovunner sinn zwee Drëttel, 6.600 ronn, vu Leit besat ginn, déi net zu Lëtzebuerg gewunnt hunn.

Firwat ass dat fir d'Mobilitéit wichtig?

Mä ganz einfach, well déi Leit, déi nei op eis Aarbechtsplazen all Joers an deene leschte 15 Joer komm sinn, dee wäitste Wee ze goen hatten, dee se konnte goen, dat heescht iwwert d'Grenzen eraus duerch eist ganz Land gefuer sinn, fir op hir Aarbechtsplaz kënnen ze furen. Eng enorm Evolutioun, déi mer op eisem Infrastrukturreeau, ob dat elo öffentlechen Transport oder Individualtransport ass, net an deem Mooss verdaut hunn, wéi et gutt gewiescht wär.

Mir hunn och hei zu Lëtzebuerg - an eleng déi Zuel, déi ass wichtig, datt ee se weess -, mir hunn hei zu Lëtzebuerg 3.800 Emploien op 1.000 aktiv Awunner an der Stad Lëtzebuerg. 3.800 op 1.000! Wann een dat vergläicht mat enger Stad wéi Frankfurt, a Frankfurt ass jo keng Stad, wou net vill Aarbechtsplaze sinn, do ass den Taux 1.350 op 1.000. Just fir lech ze weisen, wat also e ganz spezifesch Problem vun der Stad Lëtzebuerg ass, deen een an deem Mooss kaum an anere Stied erëmfindt.

Mir hunn och probéiert, an deem ganze Konzept d'Mobilité douce méi eranzebréngen, well ech einfach wollt, datt och de Vëlosverkéier an de Foussgängerverkéier eng Part entiëre géife gi vun engem Mobilitéitskonzept, well do Potenzialitéite sinn. Dir hutt op Ärem Écran, respektiv kënnt Der et do huelen, eng Rei Sliden ausgedeelt kritt, an ee vun deene Sliden, dee weist lech déi Opdeelung. Mir hunn eng Opdeelung gemaach, wéi de Verkéier an eisem Land leeft. Mir hu ronn 1,66 Milliounen Trajets motorisés den Dag. 1,66 Milliounen zu Lëtzebuerg all Dag vun Trajeten!

Wann Der elo déi Kaart hei kuckt, da gesitt Der, wéi déi sech opdeelen. Mir hunn d'Land an e puer Regiounen opgedeelt, a wat do opfällt, dat ass, datt de Verkéier intern op deene Regiounen e Verkéier ass, deen zu 48,5% intern zu der Regioun ass. Wat heescht dat?

Mä dat heescht ganz einfach, datt déi Mobilitéit, déi op ganz enkem Raum geschitt, eng Mobilitéit ass, déi immens präsent zu Lëtzebuerg ass. Dat heescht, datt eis douce Mobilitéit, Vëlosverkéier a Foussgängerverkéier, enormt Potenzial huet hei zu Lëtzebuerg. Haut si mer bei 13% vun eise Weeër, déi iwwer Mobilitéit douce gemaach ginn. Kopenhagen - do reent et och -, déi hu 50% Mobilité douce, mir hunn der 13, grousst Potenzial nach do, an duerfir wollt ech déi Mobilité douce ganz an d'Konzept mat erabréngen.

Eppes anescht Particulieres, wat Der do gesitt, dat ass, datt de Frontaliersverkéier 31,6... 31,4% vun eisem Verkéier ausmécht. 31,4% vum gesamte Verkéier hei zu Lëtzebuerg all Dag ass just Frontaliersverkéier! Och fir déi Zuel eng Kéier ze soen. An do gesitt Der, wou eis Prioritéite sinn, well et ass op deenen Achsen, wou mer och Schwieriegkeeten hunn. An duerfir gesitt Der, wou mer musse schaffen.

Wann Der en anere Slide kuckt hannendrun, do gesitt Der fir mech zwou wesentlech Kaarten. Déi eng Kaart op där rietser Säit... an ech gesinn, datt se op den Écranen no baussen ageschalt sinn, esou dat jiddwereen dat ka suivéieren. Dat ass d'ailleurs och eng Première hei an der Chamber, datt mer dat maachen, an ech soen der ganzer Technik an der Regie Merci fir déi Efforten, déi se amgaang sinn ze maachen.

Dir gesitt do zwou Kaarten. Déi éischt Kaart, dat ass op der rietser Säit déi vun dem Individualverkéier. Et ass do - dat, wat déck gezeechent ass -, wou mer all Dag op eisen Autobunnen haaptsächlech Stauen hunn. Do hu mer d'Stauen: Autobunnen, déi aus Frankräich, Däitschland, der Belsch kommen. Dir wësst et, mä hei ass et op der Kaart nach eng Kéier nogewisen. Wann Der dann op déi lénks Kaart kuckt, dat ass déiselwecht Kaart, mä just hei ass den öffentlechen Transport drop agezeechent. An dat, wat déck faarweg ass, dat ass, wou d'Capacitéite vum öffentlechen Transport total ausgenotzt sinn.

Wann Der elo déi zwou Kaarte matenee vergläicht, da gesitt Der, datt mer bal op deeneselwechte Strecken zu deeneselwechten Zäite sief dat Stauen, sief dat net genuch Capacitéit hunn. Fir déi Leit, déi mir dann elo einfach soen, wéi ech dat dauernd héieren, et wär dach esou einfach: Wann s de keng Staue méi op der

Autobunn wëlls, mä da kuck, datt d'Leit op den öffentlechen Transport iwwerklammen!

Dat mag vläicht an der Theorie richtig sinn, mä et ass awer ganz sécher net an der Praxis richtig, well ganz einfach mer moies an owes kee Mënsch méi an den öffentlechen Transport erakréien, well eis Zich, well eis Busse strubbelvoll si moies an owes. An ech kann net einfach en Transfert vun der Strooss op den öffentlechen Transport maachen, well mer keng Plaz méi zu deenen Zäiten dran hunn. An ech muss et awer maachen.

Duerfir bleift nëmmen d'Léisung, datt mer investéieren an den öffentlechen Transport an datt mer eis déi noutwendeg Capacitéite ginn.

Dat zum Prinzip. Mä och wa mer den öffentlechen Transport verduebelen an deenen nächsten zéng, fofzéng Joer, wa mer d'Quantitéit verduebelen, rechne mer, och wa mer hei zu Lëtzebuerg nëmme méi e luest Wuesstum géife kennen, datt eise motoriséierten Transport awer ëmmer nach bis zu 15% wäert an d'Luucht goen, trotz Verduebelung vun all dem öffentlechen Transport, mat all deene Problemer vun NO_xen, vun CO₂, vun Ëmweltverschmutzung, déi mer hei an der Stad Lëtzebuerg notament kennen, déi mer domadder kréien an déi mer net wëlle kréien. Also muss een déi Efforten do maachen.

Mir wëllen haut zu engem „modal split“ kommen, wat en „modal split“ ass, dee 75/25 öffentlechen Transport zu Individualverkéier ass. Mä ech géif et awer gär anescht iwwersetzen. Wann Der op Ärem Bild déi ënnescht Rei gesitt, da gesitt Der, datt mer an Zukunft wëllen en „modal split“ errechen, wou 25% vun dem Verkéier iwwert d'Mobilité douce leeft, 19% iwwert den öffentleche Verkéier a 56 iwwert den Individualverkéier. Dat ass datselwecht wéi den „modal split“ 25/75, wann ech just de motorisierte Verkéier kucken, mä just, datt hei d'Mobilité douce an dem Konzept nach bäigerechent ass. Dat ass eis Zilsetzung. Op déi Zilsetzung schaffe mer.

Fir d'Mobilité douce ze vergréisseren, musse mer och vill Effortë maachen, notament fir d'Réseae vun der Stad Lëtzebuerg an d'Réseae vun anere Gemenge mat deenen nationale Vëlosréseauen, déi mer kennen, ze verbannen, fir do och en Netz ze hunn, wat kohärent, wat logesch, wat sënnavoll ass a wat sech iwwert d'ganz Land erstreckt.

E puer Wuert dann iwwer eisen öffentlechen Transport. Do kënnen mer och net alles maachen. Mir musse méi Quantitéit, mir musse méi Capacitéit hunn. Mä mir mussen, well mer net illimitéiert Suemëttele hunn, an déi nu wierklech och begrenzt sinn, Choixen huelen a mir mussen dat Wichtigst maachen. Mir mussen och eise Réseau esou organiséieren, datt mer keng Verduebelunge maachen. An ech soen do ganz kloer, datt op deene grouse Linnen d'Eisebunn, dat schinnegebonnent Mëttel, dat ass, wat eis Épine dorsale, eist Réckgrat vun eisem öffentlechen Transport muss sinn do, wou mer schnell vill Capacitéit, vill Leit musse vun engem Uert op deen anere méi wäit Strecken transportéieren.

Op deem Schema, wat Der virun lech hutt, do gesitt Der, wou mer - an dat ass am Rouden - déi grouss Zuchstrecke mussen ausbauen, fir eis méi Capacitéit drop ze ginn. An am Gréngen, dat ass d'Busstreck. An Zukunft muss de Bus Zouféierer zu dem Zuch nach ëmmer méi ginn. A mir dærfen e just dann haaptsächlech do asetzen, wou haut keen Zuch fiert a wou och an Zukunft mer net mam Zuch hikommen. Dat ass dat wesentlecht Prinzip, wat ee muss gesinn.

Da vläicht awer och nach e puer Zuelen, fir lech déi ze nennen. Mir hunn an deene leschte Jore wesentlech geschafft, fir och eis Capacitéiten ze erweideren. Elo gëtt jo heiansdo eng Kritik gesot: „Dir investéiert vill, mä d'Leit wëllen net drop goen. D'Leit huelen den öffentlechen Transport net.“ Mä ech soen do och nach eng Kéier: Tëschent 2005 an 2010 hu mer um nationale Schinneverkéier 25% méi Leit transportéiert. Eng Augmentatioun vu 25%!

A wann ech am Frontaliersberäich kucken, dann ass dat a fënnf Joer eng Augmentatioun vu 37% vun dem Verkéier. Iwwerall do - iwwerall do! -, wou mer Capacitéite bäigesat hunn, a meng Virgänger kënnen dat och bejoen, iwwerall do, wou mer Capacitéite bäigesat hunn, si se direkt, immédiatement genotzt ginn. Déi hei Taxue weisen, datt déi Capacitéiten, déi mer bäigesat hunn, gefrot sinn. D'Offer, déi gemaach gëtt, gëtt direkt benotzt. Déi Sue sinn also gutt a richtig investéiert.

Datselwecht gëllt fir de Bus. Tëschent 2006 an 2010, innerhalb vu véier Joer, ass den RGTR-Gebrauch ëm 37% an d'Luucht gaangen, den AVL-Gebrauch - d'Stater Bussen also - ëm 17% an den TICE ëm 15%. Wou mer Capacitéite bäigesat hunn, si se immédiatement, direkt gebraucht ginn. Déi Investissementer ware gutt gemaach, si gutt gemaach.